X

Diddel. a schw. Zeit

## Evakuatioun - Spidol

An dëne viregte Sendungen hu mir iwwert d'Evakuatioun vun Diddeleng geschwat, nodeem déi deitsch Militär Truppen den 10 te Mee 1940 an d'Land iwwerfall haten an och bis op Diddeleng kummen.

Mat engem Schlag gouw Diddeleng Frontgebiet. Deitsch Vierausabteilungen an och déi nofolgend Infanterie besetzen Deeler vun Diddeleng, wéi och franséischt Militär kennt an eis Stadt. Bal sin am Ufank déi eng Deeler vun eiser Uertschaft (vun den Häuser) vu franséischen Truppen, dann erem an deitschen Hänn. Am Freiden Nomëtten fänkt d'Maginot Linn vu Molvéng aus an Diddeleng eran ze schéissen. Et gin Doudeger an Verwonnter. D'Awunner sëtzen wéi an enger Mausfall. Bleiwe se an de Kelleren an an den Eenneschthäus oder verloosse se Diddeleng. A wohinner? A Frankräich oder an d'Land. Zwar war schon vun 1939 un eng Loftschutzkommissioun agesat gin an och d'Leit informéiert wéi se sech sollte bei enger eventueller Evakuéierung verhalen. Wat matkucken an och mat enger ganzer Rei vun Uertschaften am Norde vum Land waren Accord'en geschafft gin fir déi Diddelenger ënner Dag ze huelen. Mir haten an enger Emissioun des Uertschaften opgezielt. No dese Preparatiounen hätt missen ab Samschde Moarges 11 te Mee Diddeleng systematesch an organisatoresch evakuéiert gin. Mé näischt ass esou geschitt. D'Leit si sech selwer iwwerlooss fir Decisiounen ze treffen. Sou wéi mir hate schon an enger viregter Sendung analyséiert firwat vill Leit sech decidéiert hun an d'Frankräich ze goen.

Natierlech huet och missen fir d'Evakuatioun vum Diddelenger Spidol virum gedacht a geplangt gin. An dat war bestëmmt ~~[illegible]~~ zu déer Zäit net esou einfach. Genügend Ambulanzen stungen net zu Verfügung an da war vum Land aus net virgesinn Diddelenger Spidol ze evakuéieren, wéi och Esch an aner Süd Gemengen. ~~[illegible]~~ Dofir war schon am Laf vum Joer 1939 d'Camionett vun dem Eisewierker a Mëttelgeläft Weich preparéiert gin fir ~~[illegible]~~ beim Bratz Bretschen drun ze stellen woerobber déi Krank a Verwonnter fort transportéiert géiwe gin. Mé, wéi och op alle villen anere Plazen, wéi et ärscht gung huet näischt

mi gekläppt. Well d'Camionett bei Weirich's net opgetollt as gin, a d'Famill sech mat hirem Personenauto an d'Frankräich ofgesat huet, hu si de Autoschlëssel bei d'Noperen, d'Gendarmen gedroen an esou d'Camionett an den virgesinnenen Asaz kënnt kommen. Awer statt dees d'Camionett sollt hëllefen d'Spidol ze evakuéieren hun d'Gendarmen sech selwer mat desem Auto an d'Frankräich gerett.

An de viereechte Sendungen hu mir schon erzielt wat sech alles am Spidol zougedroen huet. Dass ons Dokteren do voll am Asaz waren zenter dem Freiden Nomëtteg wei déi éischt Verwonnten duerch d'Schëssen aus der Maginot Linn do ageliwwert gouwen. Esou den Albert Backes an den Nic Wolf déi allebéid an der Widderschgas schwéier verwonnt gouwen, wéi eng Artillerie granat an de Giewel vum Haus Neumann ageschloen huet. Den Dr Hentzen féiert déi zwé mat sengem Auto an d'Spidol. Op der Dier steet d'Franziskanerin Oberin d'Schwester Caritas: Sie erkennt den Här Backes a seet: Méi Gott, Schreiner, dir sid eisen éischte Verwonnteten. Den Albes Backes war nämlech vum Beruff Schreiner an och als Soldat am Spidol geschafft. Déi zwé gin dann och direckt vum Dr Bellwald, Chirurch am Spidol an Dr Hoffert Internist operéiert. D'franséischt Militär bréngen och alt gleich verwonnten Kameroden. Wéi géint 4 Auer och eng Granat an der Karl-Marx Strooss agschlet gin lei de Papp a d'Mamm Jean Müller-Feidt schwéier verletzt. Hiert 6 Joer alt Kand ass op der Plaz dod. Verwonnt gett lei och d'Madame Marie Steinfort-Pagel. Weider Verwonnten vun deem Dag waren de Ginseppe Zaffone aus der Schoulgen strooss an d'Maisy Turlet aus der Keelerstroos, wat allerdings net an d'Spidol gefouert gouw mä mam Pompjeeswon an d'Stad, wéi och dat liicht verletzte Jeanny Poodson.

Iwer aner Verwonnten an Doudeger vum éischte Kriidsdag, den Emile Firtgen a sei Papp an d'Marie-Thérèse Harbert hu mir méi ausféierlech an vergaangene Sendungen erzielt. D'Spidol mat sengen Dokteren, d'Krankeschwesteren an d'Infirmièren kruten also direkt vum 10te Mee un gewalteg Arbecht. Wéins geféierlechen Fliegerangreff war en Operatioun's Raum am Keller vum Spidol agericht gin. Och den deemolege Paschtouer Nic Lommel a seng zwé Kaploën Henri Dufong a Jos Schmit gin an d'Spidol a bleiwen d'Nuecht vum Freiden op Samsdden do.

Samschdes moies 11. Mee gett un d'Evakuatioun's vum Spidol geduecht. De Kaplon Léon Kayser gëtt am Optrag vun der Spidolsverwaltung chargéiert op Villmerange ze fueren an hei mat de Franzosen iwwert d'Evakuéieren vum Spidol ze verhandelen. Och hei stellt sech d'Fro firwat Evakuatioun's an d'Frankräich an net an d'Land eso wéi et vun der Evakuéierungskommissioun lang viraus geplangt war? Bei enger nächster Gelegenheet kënne mer nach der Fro méi genau analiséieren.

Mo 10 Auer gin dann déi éischt Kranker a Verwonnter aus dem Spidol an d'Frankräich ofttransportéiert. Als éischt fiert den Arbeds Ambulanzauto. Ausser dem Chauffeur Louis Ermer sin am Auto de Sanitäter Siebenaler a seng Famill, an dann de schwéier Verwonnten Nic Wolff, d'Marie-Thérès Hartuk an en däitschen Zaldot deen en Arm verluer huet.

Hannert dëser Ambulanz fiert d'Gemengen Sanitätskamionett an de Robert Marx mat sengem Privatauto. ~~D'Spidol~~ Diedenhover Spidol ass iwwerfëllt, ~~kenn~~ an et geet weider op Briey. Hei gin déi Verwonnt a Krank vu franséischen Zaldoten an d'Spidol gedroen.

Vun hei fueren d'Autoen erëm zeréck op Diddeleng ausser der ARBED's Ambulanz den Emile Firkgen gëtt och an Spidol Briey gefouert.

Den Här an d'Madame Jean Muller-Feidt an de Giuseppe Zaffone kommen an d'Spidol vu Metz-Sablon.

An der Tëschenzäit huet e franséischen Offizéier d'Leedung vum Diddelenger Spidol iwwerholl. Wéi et weider gung no enger kuerzer Mëttech Paus.

De virerwäänten franséischen Offizéier ~~chargéi~~ deen elo d'Responsabilitéit iwwert d'Evakuatioun vum Spidol iwwerholl huet, chargéiert 2 Zaldoten bei de Casino ze goen an do dem éischten Auto ze beschlagnamen dee wëllt a Frankräich fueren.

Et ass dem Albert Muntoven sei Chauffeur mat hirer klenger Limonad's Kamionette. Am Spidol gëtt den Albert Backes op enger Matratz aus dem Keller gedroen an an Kamionett gebraacht. D'selwecht och de Benn Klauner dien 2 Deg virdrun operéiert gi war. D'Madame Backes fiert och mat.

Zu Algrange an d'Spidol iwerfällt a weder de Broches nach de Klammer kennen dobleiwen. Ob Ëmwéen geet d'Rees weider bis se Owends um 10 Auer zu Briey ukommen a wo d'Militärlazarett d'accord ass dës zwéi schwéier Verwondter opzehuelen.

Am ~~Sp~~ Diddelenger Spidol schaffen 10 Dingschméedercher. Och si maache sech op de Wée fir a Frankräich. Sie sollen der Schwester Oberin äddi a schwieren ëmmer bei-enen ze bleiwen. An der Wuermerengerhoos begéine se dem Hertesch Batty sei Schwoer de Frummes Schengle, dée mam Batty sengem Kaulenteimer an zwéi Päerd ~~ennen Wé~~ a Richtung Frankräich. Sie schléisen sech dem Frummes a senger Famill un, lueden hirt Gepäck op den Teimer a Rei ëm dierfen och 3 Méedercher op den Teimer klammen.

D'Schwester Emerentiana, ~~an~~ 3 aner Schwesteren an e puer Kranker ~~fueren~~ verloossen d'Spidol Richtung Frankräich an engem Sanitätsauto. ~~Den~~ Spidols-Chef Dr. Willi Belwald fiert mat senger Fra am éigenen Auto fort begleet vum Maria Tomassini.

An en weidere ~~anere~~ Krankewon kommen nach Verwondter a sie gi begleet vun de Sanitäter Adolf Graf an César Tomassini. Well domadden dëse Krankewon iwerfëllt ass kléimt den Tomassini nees eraus a geet mat sengem Jong den Enzo zu Fouss.

Et ass de Samschdes Owends 11. Mee. Am Spidol sin nach:

D'Oberin Schwester Caritas an nach e puer Schwesteren.

De Paschtoér Lommel an Kaploun Dupong, Kayser a Schmit. Och d'Hiewamm Anna Schaack-Faum mat Kranker a Verwondter an verschidde Familje-Memberen. - Ënnert hinnen och d'Madame Fonny Joy. Sie louch zenter dem Freiden mat enger schwéierer Longenentzündung doheem am Bett. D'Polizei hat drop gelauschtert dass sie mussten op d'Spidol kommen. Hiere Mann de Fonny Joy ass bei hir.

Et kënnt och nach e Kand op d'Welt, gëtt méi a Frankräich evakuéiert an ass sécher dem jéngste Flüchtling. Wien den ältsten war, ass net méi mat Bestëmmtheet ze soen - Mä de "Remmerel Nimi", de Bauer Jean Reis vun der Kierche-Platz mat 94 Joer ass vun hinnen.

Sonndes Moies ëm an Peischten, verloossen och déi Läit d'Spidol a Richtung Frankräich.

De Paschtoer Nic Lommel, hält d'Mass, verdeelt Kommunioun, seet fleiß den hellegen

Uelech, an deeft noch gudde Kanner.

Elo spillt sech éng vun den ergräifenden Zeenen of.

D'Kapitän Dyony, Kasper a Schmit an e puer Franziskanerinnen schiebe je een e Bett op de klenge Räder d'Spidolstrooss erof a Richtung Frankräich. An all Bett leit e Kranken oder Verwonnten.

D'Anna Pergal dréckt d'Bett mat hirer Schwester Marie. Virun der Sendung hat mir gesot dass bei engem Granat-Abschlag an der Karl Marx Strooss d'Marie verwonnt gi war. – Den Uewerchter Fanny Goy féiert séng Fra mat enger schwéierer Longenentzündung am Rollstull – An desem Grupp sin och de Puppelcher déi wéi mir do virdru gesot hun op Welt kum an jéngsten Evakuéierten.

Hannert der Parc zu Wuermereng ukomm gin déi Krank a Verwonnter an Ambulanzen gelueden an op Briey an d'Spidol gefouert.

Wé mir wessen war vinum Diddelenger Spidol op der lénker Seit wann een erof fiert e Pavillon fir Longekrank. Hei waren och Krankeschwesteren, des Leit gouwen net a Frankräich evakuéiert. ~~Wahrscheinlech Wien do Meck an Spidol blouwen sin, zesummen mat de Patienten aus dem Tuberkulose Pavillon~~ gi ~~Sonndes Owends an op Lëtzebuerg gefouert.~~

Péngschtsonndeg géingt 1 Auer maachen d'Franzosen d'Stapleport zu Wuermereng mees zo. Vun do un kënnt kee méi op desem Wé an d'Frankräich. Um déiselwecht Zeit kënnt den éischten Trupp vun der Fräiwëllege-Kompanie zu Diddeleng un. Sie sollen déi leicht Krank an de Rescht vun de Krankeschwesteren an d'Stad bréngen. De Fräiwëllegen Diddelénger Zaldot Thill's Ferd kennt mam Chauffeur vun dem Entrepreneur Frank aus Lëtzebuerg sengem Camion an Spidol. An der Wollefsgaas hält de Franz Scholer-Wolf de Camion un an e bied den Thill's Ferd seng gelähmte Fra mat an d'Stad ze huelen. Alle béid gin op de Camion gelueden. Beim Spidol sin do preisesch Militär. Sie wellen de Camion net weider fuere lossen. De Ferd weist sein Truppkommando. D'accord sen Preisen, mä dann op éiye Gefor, a fiert op der Bettebuergerstrooss op well dohinner schéinst Maginot Linn. Déi Krank an d'Schwesteren gin ofgelueden an de Camion fiert zeréck an Stad. Statt Bettebuergerstrooss ~~fo fueren sie~~ wiele sie de Wée iwwert de Krakelshaff. Hei fiert de Camion op éng Mien.

De Camion ~~fir~~ beim Motor getraff béemt sech op an all Insassen falen eraus
den Tëll a besonnesch de Chauffeur gi vun der Splitter verwond. Däitsch Zaldoten féieren
des Leit an d'Stad. D'Madame Scholer kënt an Zitaklinik, ~~an~~ den Tëll an
de Chauffeur mat engem Sanitätsauto an Franziskanerklinick geféiert.
D'Evakuéierung vun der Stad Diddeleng geet viru, awer elo a Richtung Zefelberg.
Bal dei selwechten Cénario wéi dei Deg virdrun, Richtung Frankreich. Zu Fouss,
per privat Auto, Camionette, Perdsgespann Velo an Handweenchen.
Fir dei, dei nach zu Diddeleng bleiwen geet d'Liewe weider. Meeschtens awer an
de Kelleren, den Bunkerstänn an an de Galerien Langebierg a Frankeleed. D'Bäcker
hun nach Brot gebak an an d'Metzlereien läit nach Fleesch. Zum Beispill beim
Metzler Kurt läit d'Fleesch lanscht den agesclhoenen oder agefalene Fensteren.
Am Café Lies-Betz hun dei däitsch Zaldoten en däitsch Notlazarett agericht.
Sonndes Nomëttes géint 4 Auer fänken d'Franzosen un mat Granaten an ~~Italien~~
de Quartier Italien an op Tattebierg ze schéissen. Sämtlech Häiser vun der Bréck
Lescheut Italien an Tattebierg bis de Café Cirelli krée Volltreffer an all d'Ubereg
Häiser ~~ke~~ gin duerch Splitter beschiedegt. D'preisesch Zaldoten sin elo an Italien
während d'Franzosen nemmen nach an der Gare Usine a Ronderem ~~[illegible]~~ sin.
Elo gett et och Doudeger am Quartier. ~~D~~en Mierschen Ern a sengem Buch schreiwt
heiriwwer

Die Familie Gualtiero Moriconi-Feller will ihre kleine Epicerie auf Nummer 32 in „Unteritalien" verlassen und nach Frankreich fliehen. Der gepackte Handwagen steht vor der Tür. Man will bloß noch Kaffee trinken. Gualtiero Moriconi holt sich eine Mettwurst. Im Hausgang trifft er die Nachbarin aus dem ersten Stock, Albertine Fabiani-Beltrame, die mit ihrem Hund ihren Mann von der Straße nach Hause holen will. Da schlägt eine Granate in den Hauseingang. Gualtiero Moriconi, Albertine Fabiani-Beltrame und ihr Hund werden tödlich getroffen. Der Luftdruck wirft die übrigen Bewohner des Hauses zu Boden.

Ehefrau Gualtiero Moriconi, wird von Splittern in die Brust, die rechte Hand und das rechte Bein getroffen. Ihre Nichte wird am Hals verwundet. Ein deutscher Sanitäter behandelt die Frauen provisorisch. Caroline Moriconi-Feller, ihre Schwägerin Flammang-Feller, deren Tochter und ein Kind werden in einem deutschen Lastwagen nach Luxemburg in die Elisabetherinnenklinik gebracht.

Eréischt den aneren Dag [méindes] kennen d'Quartier's Leit hir Doudeg begruewen. Bis dohinner
leien dei 2 Doudeger an den Hond am Gras am Hang géint iwwer dem Café Hellers a
Leingendicher agewéckelt.

Wé gesot ~~no a Stonn~~ Peischtmëndes Mëttes no äng Auer maachen d'Franzosen Stollefaart bei Wuermereng net méi op. Bis ~~of~~ ~~[illegible]~~ Lothringer sin elo och preisesch Zaldoten. ~~Ste~~ Sie loosse kéng Leit méi a Frankreich goen. En anere Wé gëtt et och net well de Wé aus Italien laanscht de Rossisbierch no Wuermereng vun de Franzosen gespaart an och onpasséierbar gemaach ass gin. Et gouf allerdings nach en anere Wé déin de René Bontemps mat senger Famill gaangen ass. Sie ~~hatten~~ waren an der Nuecht vum Freiden op Samschdes an der Galerie Langebierg. Des Galerie hat e Verbindungstunnel bis an de Feldwé laanscht den Rossisbierch. Véier Biergarbechter weisen de Bontemps's dese Wé. E féiert deelweis duerch déiwe Brulli an op franséischer Buedem musse sie emol den décken Dréck vun hire Veloen erof wäschen.

Eso weit fir haut d'Evakuéierung a Frankreich. ~~[illegible]~~